Entrevue tëscht AMELUX an dem SFP

Den 2. Dezember huet en Austausch tëscht Amelux an dem Service de la Formation Professionnelle (SFP) stattfonnt.
Vun der Säit vum SFP waren den Här Tom Müller an den Här Sinner Marc präsent. D'Reunioun huet sech ronderëm wichtëg an zentral Themenberäicher gedréint.

1. Formation Professionnelle Supérieure (FPS)

D'Representante vum SFP konnten nach keng konkret Detailer zur definitiver Ausgestaltung vun der Formation Professionnelle Supérieure presentéieren, well d'Aarbechten un der Struktur, den Inhalter an de gesetzleche Grondlage weiderhin amgaang sinn. Sécher ass awer scho lo, datt d'FPS op mannst um Niveau 5 vum Europäesche Qualifikatiounsrahmen (EQR) klasséiert gëtt. Aus Siicht vun Amelux ass eng méi héich Klassifikatioun op EQR-Niveau 6 déi passend an zukunftsorientéiert Entscheedung. Sou eng Opstufung géif net nëmmen d'Attraktivitéit vun der Weiderbildung wesentlech erhéijen, mee och dat berufflecht Upskilling am Handwierk staark förderen an d'international Vergläichbarkeet vun de Kompetenzen däitlech verbesseren.

2. Neien DAP an engem Joer (Start 2026/2027)

E weidere Schwéierpunkt vun der Diskussioun war de geplanten eenjäregen DAP, dee fir d'éischt nëmme fir eng begrenzten Unzuel u Beruffer virgesinn ass an haaptsächlech am CNFPC soll ofgehale ginn. Dëse Modell soll fir Kandidaten a Fro kommen, wou en Ofschloss am Secondaire hunn an sech méi wuel am Handwierk fillen. Dëse Wee gouf vum Patronat gewënscht fir d'Handwierk mei grouss op ze maache fir de Publique. D'Formatioun wier dobäi am plein temps, also an engem vollzäitege Rhythmus organiséiert.
Amelux huet sech zu dësem Projet allerdéngs skeptesch geäussert. Aus eiser Siicht bedeit esou e staark kompriméiert Ausbildungsmodell eng substantiell Erausfuerderung, wann et dorëms geet, d'Qualitéit am Handwierk oprechtzeerhalen. Handwierklech Kompetenz entsteet duerch kontinuéierlech Praxis, widderhueltem Üben an déi néideg Zäit fir technesch a motoresch Reifung – Elementer, déi an engem eenzege Joer nëmme schwéier a kompletter Form kënnen ausgebilt ginn.

Adresse postale:
AMELUX a.s.b.l
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Courriel : info@amelux.lu
www.amelux.lu

3. Sécherheetsartikelen an der Beruffsausbildung

E weidere wichtege Punkt vun der Reunioun huet sech op d'Sécherheetsausstattung an der berufflecher Ausbildung konzentréiert. Amelux huet ënnerstrach, wéi essenziell et ass, datt et landeswäit kloer definéiert Sécherheetsartikelen a Schutzmaterial fir all Enseignant an der Beruffsausbildung ginn. Gläichzäiteg gouf d'Verantwortung vum Patron – also dem Direkter vum Betrib oder vun der Ausbildungsstruktur – an de Mëttelpunkt gestallt. Hien ass grondsätzlech dofir zoustänneg, datt d'Infrastruktur a Schutzmoossnamen op engem héije Stand sinn. Doriwwer eraus droen och déi technesch Mataarbechter eng zentral Roll: Si musse bei allen Aarbechten un oder mat geféierleche Maschinnen a chemesche Substanze fir séchert Aarbechtsëmfeld suergen.

Besonnesch an de handwierklech-technesche Beruffer ass et onverzichtbar, datt Sécherheetsnorme präzis festgehale ginn an ouni Ausnam agehale ginn. Nëmmen esou kann d'Gesondheet vun de Léierenden an Enseignant‘e garantéiert an eng professionell Ausbildungsqualitéit op Dauer geséchert ginn.

4. Responsabilitéit an der Beruffsausbildung

Enseignant'en an der Beruffsausbildung droen eng besonnesch Verantwortung am Ëmgang mat riskanten Aarbechtsmëttelen a geféierleche Produiten. Si ënnerriichten net nëmmen d'Schüler, mee musse gläichzäiteg eng sécher Handhabung vu Maschinnen, Werkzäiten a Substanzen garantéieren. Dës zousätzlech Verantwortung am Verglach zu engem klassesche Klassenzëmmer ass substantiell a muss bei all Diskussioun iwwer Responsabilitéit mat abezu ginn. Si soll och offiziell unerkannt ginn – duerch eng Prime de risque, déi dem héije Sécherheets- a Verantwortungsniveau gerecht gëtt.

5. Integrall Finanzéierung vun den Examen

Amelux huet d'Noutwendegkeet vun transparente Richtlinnen ervirgehuewen, déi kloer festleeën, wéi eng Institutioun wéi eng Käschten iwwerhëlt. Besonnesch beim Recrutement am Enseignement ass et wichteg, datt e separate, verbindleche Budget geschaf gëtt, fir d'Käschten u Rekrutéierungs- a Prüfungsmaterialien ze decken. Dës finanziell Lascht däerf net méi op déi eenzel Schoulen ofgewälzt ginn. D'Verantwortung muss eendeiteg beim Ministère leien, fir landeswäit fair, gläich an transparent Rahmebedingungen ze garantéieren.

Adresse postale: AMELUX a.s.b.l
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Courriel : info@amelux.lu
www.amelux.lu